adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
10 JAN. 2020
1697

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Statec mécht ëmmer nees Enquêten iwwer d'Konsumverhale vun de Privatleit, a freet domat Informatiounen, déi déif an d'Privatliewe vun de Leit agräifen. Den Artikel 14 vum Gesetz vum 10. Juli 2011 iwwer de Statec gëtt dem „service enquêteur" vum Statec en „droit d'investigation".Den Artikel 15 vum selwechte Gesetz gesäit vir, datt Persounen déi de Fonctionnairen an Agente vum Statec Donnéeën iwwer hir Privatliewe net matdeelen, kënne bestrooft ginn.

An dem Zesummenhank wéilt ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:

1. Ass dës Legislatioun nach kompatibel mat der aktueller Legislatioun iwwer den Dateschutz?
2. Wéi eng Qualifikatioune mussen déi „Agente" vum Statec hunn? Ënnerleien si engem Beruffsgeheimnis?
3. Wéi eng Fichieren huet de Statec a wat geschitt mat deenen Donnéeën déi Privatpersounen dem Statec zur Verfügung stellen?
4. Wéi dacks huet de Statec schonn, an Applikatioun vum Artikel 15, eng Plainte géint eng Privatpersoun gemaach déi him keng Donnéeën iwwer hiert Konsumverhale wollt matdeelen?
5. Ass den Här Minister der Meenung, datt dat Gesetz vun 2011 misst iwwerschafft gi fir d'Privatliewe vun de Leit besser ze protegéieren?
6. Ass den Här Minister der Meenung datt d'Kommunikatioun vu privaten Donnéeë sollt exklusiv op Fräiwëllegkeet berouen an datt déi Stéit déi bereet wären un esou Enquête mat ze maachen och dofir sollten entschiedegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 10 janvier 2020

Objet : Question parlementaire n° 1697 du 10.01.2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Enquêtes menées par le Statec

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés